

Lëtzebuerg, den 17. November 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister, den Här Wunnungsbauminister an den Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

„Hannert der Industrie-Zone vun Iechternach soll d'Wunnegebitt ‚Cité Manertchen‘ iwwer e Projet vum Fonds du logement considerabel ausgebaut ginn. Et gött de Moment just een Accès zu der Cité Manertchen, den iwwer d'Nationalstrooss CR 139 féiert. E Fousswee gött et net, net fir an d'Industrie-Zone, a net fir an d'Cité Manertchen.

An engem Véloskonzept vun der Stad Iechternach vun 2011 gouf e Véloswee ugeduecht, den duerch d'Industrie-Zone an d'Cité Manertchen géing féieren. Eng aner Méiglechkeet wär e Vélos- a Fousswee duerch de sougenannten ‚Alen Uesweiler Wee‘.

An deem Kader wollt ech dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Wunnungsbauminister an dem Här Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten folgend Froe stellen:

- *Sinn et iwwer déi lescht Joren, zesumme mat de Gemengeresponsabel vun der Stad Iechternach, Iwwerleeunge ginn, fir weider Accèsen an d'Cité Manertchen ze schafen? Wa jo, wéi eng Optiounen goufen ugeduecht?*
- *Wäert et en zweeten Accès fir motoriséiert Gefierer an d'Cité Manertchen am Kontext vum Ausbau vun der bestoender Cité ginn? Wa jo, wou soll dësen Accès hikommen? Wa nee, firwat gött et kee weideren Accès? Misst net wéinstens fir d'Chantier-Period vum Ausbau vun*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

der Cité Manertchen en zweeten Accès virgesi ginn? Wa jo, wou?

- *Ass ugeduecht, dass e Vëlos- an/oder Fousswee vum Kär vun Iechternach an d'Industrie-Zone, respektiv an d'Cité Manertchen féiere soll? Wa jo, wou soll(en) dës(e) Wée(ër) laanschféieren? Wéi ass et notamment mat engem Vëlos- a Fousswee duerch de sougenannten ‚Alen Uesweiler Wee‘ oder op der bestoender Strooss vun Iechternach an d'Industrie-Zone ? Wa kee Wee envisagéiert gëtt, firwat net?*
- *Wéi stinn d'Häre Ministeren zu engem Wee, respektiv enger Strooss, den d'Industrie-Zone mat der Cité Manertchen verbënnt ? Wéi ass et notamment mam Vëloswee duerch d'Industrie Zone an d'Cité Manertchen den am lokale Vëloskonzept vun 2011 ugeduecht war? “*

Mat déiwem Respekt,



Carole HARTMANN
Deputéiert